Rammericher Klima-Team News

Firwat geheien di grouss Leit hiren Dreck einfach an d'Natur?

Zu Kietscht sinn d'Schoulkanner vum Cycle 3.2. am Mäerz mat hirem Schoulmeeschter Romain Kugener den Dreck laanscht d'Nationalstrooss tëschent Kietscht an dem Riesenhaff asammele gaang. Scho no enger knapper Stonn Oprafe woren hier Weenercher struppevoll.

D'Klass vum Här Kugener befaasst sech de Moment mam Thema Offall. Si sinn och schonn bei de SIDEC um Fridhaff kucke gaang, wat mat eisem Offall geschitt, nodeems mir en an d'Dreckskëscht gehäit hunn.

De Moment schaffen si u Schëlder déi laanscht d'Stroosse opgestallt ginn fir d'Autosfuerer dervunner ofzehalen hiren Dréck einfach aus der Fënster ze geheien.

Firwat geheien di grouss Leit hiren Dreck einfach zur Fënster raus?
Dat ass richteg eekleg!
Mir wëllen an enger propperer Welt wunnen!
Drénken di grouss Leit wierklech den Alkohol aus all dëse Fläschen beim fueren? Ass dat net verbueden?
Sinn di grouss Leit déi dat maachen einfach nëmme liddereg oder einfach domm?

... dës Froen a vill anerer hunn sech d'Schoulkanner gestallt.

Mir soen all de Kanner an dem Här Kugener ee ganz décke MERCI fir hir super Initiative !